

Lëtzebuerg, de 17. Mäerz 2023

Här Fernand ETGEN
Chamberspresident
LËTZEBUERG

Här President,

Esou ewéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, biede mir Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Minister fir Mobilitéit an öffentlech Aarbechten weiderzeleeden:

„D’Renovatiounsaarbechten um Helleg-Geescht-Parking an der Stad sinn zënter enger Rei Méint ofgeschloss. Allerdengs ass de Parking zënterhir net wéi virgesinn fir d’Ëffentlechkeet owes a während dem Weekend opgaang.

Et ass eis zu Ouere komm, dass de Grond heifir dee wier, dass bis elo nach ëmmer keng Ausschreiwung fir en Exploitant vum Parking ze fannen gemaach ginn ass.

An deem Kader wollte mir dem Här Minister fir Mobilitéit an öffentlech Aarbechten folgend Froe stellen:

- *Huet d’Administration des bâtiments publics schonn eng Ausschreiwung fir d’Exploitatioun vum Helleg-Geescht-Parking gemaach?*
- *Wa jo, wéini ass dës Ausschreiwung verëffentlecht ginn? Goufen et scho Soumissiounen? Bis wéini ass geplangt, en Exploitant ze designéieren?*
- *Wann net, wat sinn d’Grënn heifir?*
- *Wéi steet den Här Minister dozou, de Parking op mannst fir d’Mataarbechter aus der Cité judiciaire, fir Leit, déi e Rendez-vous um Geriicht hunn, grad ewéi fir hir Affekoten a Begleeder opzemaachen?“*

Mat déiwem Respekt,



DEMOKRATESCH
PARTEI

Chambre des Députés
Groupe Parlementaire

9, rue du St. Esprit
B.P. 510
L-2015 Luxembourg

Tel. : 22 41 84 1
Fax : 47 10 07

dp@dp.lu
www.dp.lu



Carole HARTMANN
Deputéiert



Claude LAMBERTY
Deputéierten